Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

18.10.2017 Den onkontrolléierten rasanten Wuesstem féiert zu ëmmer méi Wunnengsnout

18 **Oct** *2017*

(comments: 0)

"Die Unterschiede zwischen Angebot und Nachfrage sind insbesondere dem Bevölkerungswachstum geschuldet. «Die Bevölkerung ist seit 2016 um 2,5 Prozent gewachsen. Das sind 14.500 Personen», erklärt Licheron. "

http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/Darum-schie-en-die-Wohnpreise-durch-die-Decke-12573483

Weider Konsequenze vum onkontrolléierten, rasante Wuesstem sinn:

- Wunnengsnout
- Verkéier
- Infrastrukturmangel
- Integratiounsdefiziter
- Zoubetonéieren
- Liewensqualitéit geet erof

Mir sinn der Meenung dass manner méi ass: Hei eisen Artikel zum Thema:

http://wee2050.lu/index.php/press/articles/den-1-millioun-awunnerstaat-heiansdo-ass-manner-mei.html

Wann Dir eis ënnerstëtze wëllt, da kënnt Dir dat mat engem Don maachen:

http://wee2050.lu/index.php/spenden.html

Read more … 18.10.2017 Den onkontrolléierten rasanten Wuesstem féiert zu ëmmer méi Wunnengsnout

12.10.2017 zum Budget 2018

12 **Oct** *2017*

(comments: 0)

Denkt un déi nächst Generatioun, Här Gramegna!

- 900 Milliounen Defizit an engem Joer

- 1 Millioun Awunner fir 2050!

Dat kann an däerf net eist Zil sinn.

Den Defizit vum Zentralstaat läit bei 900 Milliounen Euro!

An dat an dëse besonnesch gudden Zäiten, wou een eigentlech misst Reserven opbauen.

D'Politik vun der Regierung geet op Käschte vun eise Kanner!

Mir befannen eis an enger Wuesstemsspiral an där mer den Defizit ëmmer nëmmen duerch nach méi schnelle Wuesstem ausgläiche kënnen, an d'Zil ass 1 Millioun Awunner am Joer 2050 an dann nach weider, ëmmer méi.

D'Konsequenze vum onkontrolléierten, rasante Wuesstem sinn:

- Wunnengsnout
- Verkéier
- Infrastrukturmangel
- Integratiounsdefiziter
- Zoubetonéieren
- Liewensqualitéit geet erof

Mir sinn der Meenung dass manner méi ass: Hei eisen Artikel zum Thema:

http://wee2050.lu/index.php/press/articles/den-1-millioun-awunnerstaat-heiansdo-ass-manner-mei.html

Wann Dir eis Iddien deelt an eis ënnerstëtze wëllt, da kënnt Dir dat mat engem Don maachen:

http://wee2050.lu/index.php/spenden.html

Read more … 12.10.2017 zum Budget 2018

7.10.2017 Wat hunn d'Parteien am Gemengwahlkampf an hierem nationalen Wahlprogramm iwwer eis Sprooch an iwwer d'Méisproochegkeet stoen?

07 **Oct** *2017*

Déi Gréng an d'LSAP erwähnen mol guer net d'Lëtzebuerger Sprooch an hirem nationale Wahlprogramm...

Aus dem nationale Wahlprogramm vun de verschiddene Parteien fir d'Gemengewahlen 2017, All d'Punkten déi sech mat eiser Sprooch a mat der Méisproochegkeet beschäftegen:

Hei:

Read more … 7.10.2017 Wat hunn d'Parteien am Gemengwahlkampf an hierem nationalen Wahlprogramm iwwer eis Sprooch an iwwer d'Méisproochegkeet stoen?

4.10.2017 Konsequenz vum onkontrolléierten, rasanten Wuesstem:

04 **Oct** *2017*

(comments: 0)

- Wunnengsnout
- Verkéier
- Infrastrukturmangel
- Integratiounsdefiziter
- Zoubetonéieren
- Liewensqualitéit geet erof

Bal all d'Problemer, déi am Mëttelpunkt vum GEMENGEWAHLKAMPF stinn, hunn direkt mam onkontrolléierten, rasante Wuesstem ze dinn:

Ze wéineg Schoulen a Betreiungsstrukturen;
ze deier Immobilien, Zerstéierung vun der Natur, vu wäertvolle Gréngflächen an vu kulturell wäertvollen alen Haiser;
d'Awunner déi hir Noperen an hire Buergermeeschter net méi verstinn;
Stau iwwerall an ëmmer, a vu Joer zu Joer ëmmer méi;
Problemer mat der Waasserversuergung, an ze wéineg Kläranlagen;.....

Heiansdo ass manner méi: Amplaz Symptomer ze bekämpfen an souwisou net léisen ze kënnen, wier et besser d'Wuerzel vun all dëse Problemer unzepaken.

Hei eisen Artikel zum Thema:
http://wee2050.lu/index.php/press/articles/den-1-millioun-awunnerstaat-heiansdo-ass-manner-mei.html

Wann Dir eis Iddien deelt an eis ënnerstëtze wëllt, da kënnt Dir dat mat engem Don maachen:
http://wee2050.lu/index.php/spenden.html

Read more … 4.10.2017 Konsequenz vum onkontrolléierten, rasanten Wuesstem:

29.9.2017 Den Här Meisch schwätzt vu Plurilinguismus, mee de Bréif ass nëmmen op franséisch!

29 **Sep** *2017*

(comments: 0)

De Claude Meisch schwätzt gär vu Plurilinguismus an dass mir eis enger diverser Populatioun upasse mussen. Mee seng Bréiwer sinn awer nëmmen op franséisch.

Net nëmmen dass domat Auslänner diskriminéiert ginn, déi net gutt franséisch, mee besser däitsch, portugisesch oder englesch kënnen, et ass dat absolut falscht Signal!
Et muss een nëmmen franséisch kënnen an eis Nationalsprooch Lëtzebuergesch an eis aner administrativ Sprooch Däitsch, déi vill Lëtzebuerger besser beherrschen, zemools bei Fachwierder, ass zweetrangeg.

Bei richtegem Plurilinguismus misst eis Nationalsprooch präsent sinn an all déi aner Sproochen gläichberechtegt.

Wann Dir dat och net gutt fannt, dann schreift einfach op den Ziedel: "Op Lëtzebuergesch oder Däitsch (oder...) w.e.g." an schéckt en zeréck un de Minister.

Read more … 29.9.2017 Den Här Meisch schwätzt vu Plurilinguismus, mee de Bréif ass nëmmen op franséisch!